piraten.lu

N°3871
Entrée le 01.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.04.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Fir Persounen virun der Aarmut an Obdaachlosegkeet ze schützen, existéiert zu Lëtzebuerg ee Sozialsystem. De REVIS ass ee vun de Moossnamen, dee Persounen a Familljen et soll erméiglechen, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen, wann si an eng prekär Situatioun kommen. Fir de REVIS kënnen ze kréien, muss ee verschidde Bedingungen erfëllen. Dorënner déi, dass een zu Lëtzebuerg wunnt, also eng legal Adress hei huet an och, dass ee gewëllt muss sinn, fir ze schaffen, also enger Aarbecht nozegoen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Existéieren Zuelen dozou, wéi vill Leit, déi de REVIS kréien, nach ni enger Aarbecht oder selbststänneger Aktivitéit nogaange sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés